**Stad Lëtzebuerg, de 24. Februar 2023**

**Pressematdeelung vun der Stater ADR-Sektioun**

**Administrative Chaos an der Stater Gemeng!**

**Mir fuerderen eis Kommissiounen zeréck a méi Kloerheet am Hibléck op d'Reegelen!**

De Moment herrscht administrative Chaos an der Stater Gemeng an d'Reegele ginn esou gedréint, wéi se politesch grad an de Krom passen. Dat däerf an engem Rechtsstaat net sinn!

Eise Kommiteesmember Marie-Andrée Faber-Schanen ass an hir Sozialkommissioun invitéiert ginn, fir dann direkt nees rausgeheit ze ginn. Déi 78-järeg Fra war den Tréinen no.

Eis Sektioun ass vun der Gemeng net informéiert ginn iwwer déi genau juristesche Grënn, firwat datt ADR-Memberen aus de Kommissioune geheit gi sinn.

De Gemengerot stëmmt driwwer of, datt déi nei Gemengeconseillère sechs (!) Kommissioune kritt. Dëst sinn iwwerdeems déi Kommissiounen, wou et interessanterweis déi meeschte Jetone gëtt, obwuel déi betreffend Gemengeconseillère souwisou kéint an all Kommissioun goen, fir sech ze informéieren. D'Konsequenz dovun ass, datt ADR-Membere rausgeheit ginn.

Dëse Vott ass eiser Meenung no och illegal a verstéisst inter alia géint de Règlement d'Ordre Interne vum Gemengerot, deen, wat d'Commissions consultatives ugeet, Folgendes festschreift: "Tous les partis politiques y sont représentés." Doropshin hu mir der Buergermeschtesch, der Madamm Polfer, e Bréif geschéckt op dee mir keng Äntwert kruten.

Déi nämmlecht Conseillère huet elo annoncéiert, datt si Member vun der CSV ass a mat hinnen an d'Wale geet. Si wëll iwwerdeems trotzdeem Member an deene sechs Kommissioune sinn, wou si d'ADR Membere rausgeheie gelooss huet, obwuel si jo lo vun hiren CSV-Parteikolleege gutt informéiert a vertruede gëtt!

**Fuerderungen**

D'Stater ADR-Sektioun fuerdert d'Stater CSV op, der ADR nees hir Sëtz an de Stater Kommissiounen zeréck ze ginn.

Mir fuerderen och d'Chamber op, d'Gemengegesetz ze verbesseren, fir op deem Punkt nach méi Kloerheet ze schafen.

Zwar soll de Nächstgewielten an de Gemengerot norutsche kënnen, och wann e net méi an der Partei ass, mee d'Kommissioune solle vun der gewielter Partei decidéiert ginn. Esou war et geduecht, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass. Aktuell maachen d'Gemengen awer bësschen esou, wéi et hinne grad an de Krom passt. Et besteet op jidder Fall Klärungsbedarf an d'Gesetz misst méi kloer gereegelt ginn, fir datt esou Saache net méi passéieren.

**Wat ass geschitt?**

De Stater Wieler huet der ADR an de lëschte Gemengewale vun 2017 e Sëtz am Gemengerot ginn. Eis 27 Leit op der Lëscht a sëlleg weider Persounen hu sech engagéiert, fir dat méiglech ze maachen. D'Partei huet och vill Suen an de Walkampf investéiert.

Iwwer déi lescht Joren hunn eis Memberen an de Kommissiounen exzellent Aarbecht geleescht a konstruktiv Oppositioun gemaach.

2022 ass den Här Reding als Gemengeconseiller zeréckgetrueden an déi Zweetgewielten, d'Madamm Goergen, ass nogeréckelt.

Obwuel si aus eiser Partei ausgetrueden ass, huet si d'Mandat ugeholl a mir hunn als Stater Sektioun probéiert, e fairen Arrangement mat hir ze fannen: Si sollt déi Kommissioune weider behalen, wou den Här Reding dra war.

Dëst wier e logeschen Arrangement, deen am Sënn vun de Wieler vun der ADR-Lëscht wär - logesch a fair!

Leider huet déi betreffend Gemengeconseillère dat ofgeleent.

*Matgedeelt vun der Stater ADR-Sektioun*